

21.06.2018 – Les hommes dans l'éducation non-formelle des enfants – BelVal

Workshop: Praxismänner...

Erwaardungen:

- Wat as d'Plaaz vum Mann an der éd. non-formelle? Wéi kann en seng Plaaz fannen?
- Austausch iwwer Erfahrungen vum Terrain erwünscht
- Ideen zur Förderung vun „Méi Männer am...“ / Wonsch erfüllen no Paritéit an den Equipen
- Gin et spezifesch Erwaardungen un e Mann am non-form. Beraich?
- Wéi kann e Mann de Bedürfnisser vu Kanner gerecht gin?
- Wéi fennt een als eenzeggen Mann an enger équipe seng Plaaz?
- Wéi kritt een méi jonk Männer an d'Ausbildung?

Austausch/Aussoen/Remarquen/...:

- Kanner schwätzen mat Männer iwwer „aaner“ Themen
- Männer gin an der Gesellschaft konfrontéiert mat „Du wëlls e Fraenberuff maan“
- Themen an der Fraën-Equipe sin Fraën-Themen déi schwierereg sin als Mann emmer erem „mat“ ze féieren (cf. wéi fannen ech meng Plaaz als Mann?)
- Elteren vun de Kanner schéngen net drun gewinnt ze sin dat se männlech Erzéier begéinen an der Crèche
- Wat fir eng Charakteristik as méi dominant wéi d'Geschlecht... z.B. d'Perséinlechkeet vum Mënsch?
- Füllt een sech ggf. méi wuel als Mann an enger équipe wou schons en Mann dran as?
- Männer schéngen Kanner méi „maachen“ ze loossen...
- „Ersatz-Mutter“... as dat d'Bild wat weiblich Erzéierinnen hun? Männer schéngen sech guer net ze gesin als „Ersatz-Vater“...
- ED = professionnell, erfueren, ... an e soll och dat Bild ofgin no baussen, onofhängeg ob Fra oder Mann
- Jonk ErzéierInnen réagéieren oft méi intuitiv (wat net d'office schlecht oder falsch as)
- Jongen gesin elo méi Männer déi z.B. a MR'en schaffen an dat kann dozou féieren dat se och wëllen spéider Educateur léieren...
- D'Aarbecht am Heem schénkt méi breed gefächert, méi gefuerdert, méi Kontakter mat aaneren Institutiounen, méi... et schengt méi Opportunitéiten ze offréieren... (wat ggf. méi interessant fir en Mann (awer natierlech och fir eng Frau) kéint sin))
- Wéi eng Opportunitéiten / profess. Entwécklungsméiglechkeeten huet een an enger MR (als Mann wéi awer och als Fraa)? Wéi eng Dynamik brauch et an enger MR fir dat et „méi“ interessant as/get fir Männer? Wat as den intérêt professionnel?
- Wéi eng Facteur'en féieren dozou dat Männer sech melden a Crèchen / MR'en?
 - o Dat schons aaner Männer do schaffen
 - o Dat een gewëssen profess. Fraiheeten huet
 - o Dat een vielfälteg Aarbechten maachen kann
 - o ...
- Et get eng aaner „Traditioun“ vu Männer (an d'Noutwendegkeet vu Männer) an de Foyer d'accueil'en p/r zu de Crèchen/MR'en... (Familien“ersetzend“ vs. Familien“ergänzend“)

- Wat fir Erwaardungen hun Männer un eng Aarbechtsplaaaz?
 - o Team wichteg... rouegt Team... dat Saachen direkt ugeschwat (net hannen rem)
 - o Dat een seng eegen Iddien, Interessien, Hobby'en ... kann mat eran brengen
 - o Dat net vun engem erwaard get gewëssen typesch Rollen/Aufgaben/... ze erfëllen nom Motto „De Computer geet net... wou as dann onsen Mann?“
 - o ...
- Am privaten Secteur (non-convent.) schéngt de Mann net wierklech erwënscht gewiecht ze sin...?! An Zaiten wou een net genuch Personal huet fir den Secteur ze „bedengen“ oder wou männlech Erzéier ggf. keng Plaaaz fannen am non-conventionné schengen elo awer och Männer a privaten Crèchen agestellt ze gin (a wann se déi Erfahrung bis gemeet hun, deen Aarbechtsberaich och ok fannen)
- Et schéngt awer trotzdem eng gewëssen Discriminatioun ze gin am Sënn vun „Männer sin net erwënscht...“!?
- Et gin och Fraën déi bewosst Plaaazen sichen wou méi Männer schons an der équipe schaffen... well se ggf. eng „paritetesch Ambiance“ léiwer hun (et gin och Fraën déi net gären an enger „renger“ Fraën-équipe schaffen)
- Wéi kann ee Léit allgemeng „stärken“ dat se Loscht hun géint Stereotypen unzegoen? Sech befréien vun... Do wënschen sech d'Participants/en konkret Konzepter...!

Conclusioun:

- Déi Männer wou do woeren hun de Besoin sech auszetauschen (enner aanerem mat aaneren Männer) an awer och Chargé'en wéi sie et handhaben (cf. Firwat gin et MR'en wou quasi keen Mann schafft an aaner MR'en wou et baal paritéitesch as?)
- Et brauch Männer a Fraën an der non-formaler Bildung (an soss och iwwehall wou een mat Mënschen schafft...)
- D'Participants/en hun festgestelt dat se net déi eenzeg sin déi géint Stereotypen musse goen
- E weideren Austausch as erwënscht... méi un e breeden Publik brengen
- Offenheet géigeniwwer desen Themen flott fonnt
- Et brauch Konzepter am Secteur fir no baussen (den Elteren, ...) ze weisen dat an der MR/Crèche Männer a Fraën schaffen an firwat dat wichteg as an wat d'Leedung als Strategie huet fir méi Paritéit...